

D E N

M D

E löschtegt Spill an engem Akt.

2 Persounen: de Mechel
d'Bärbel

1. Optrött:

Mechel: (eleng, könnt eran) Sou, do wär ech jo eröm! Schéi war et an der Städt, awer dât Schéinst wâr dach, dass mein "Alt" dohém mech dös 3 Dég nöt vernennen konnt. Hat wollt jo perforce matgoen. "Bärbel, hun ech gesôt, bleiw dohém, well et ass ze geféierlech an der Städt. Du könns nach mat den Féiss önner den Tram kommen, oder e Motor-puffer könnt dech ömrinnen." Awer gefréit hun ech mech déi 3 Dég ewéi nach nie. Stét do jo nöt virum Pôle-Nord esou eng M.P. op enger Köscht, e Gendarme mat wéisse Moulen a mat ganz. éschtem Gesicht. Poulrícht huet en do gestânen, wéi menger Äler hiren Biesemstill. An esou huet en do gestânen (e weist) a gestânen, an huet gewisen a gewisen, a wou en higewisen huet, sin d'Leit higâng an Higefuer. All hun se gefollegt, esou guer d'Frâleit, déi âl Dittercher esou gudd wéi déi jong Jöffercher mat de stuppeche Räck an dénen onduléierten Hoer. 2 Stonnen hun ech mer déi neimoudesch Arichtung ugekuckt an duernô hun ech gesôt: "Mechel, hun ech gesôt, dât ass eppes fir dech; ah, esou eng kamout Arîchtung; dât muss de ~~wan~~. - Mechel, hun ech mer geduecht, wann deng Al och esou gudd folleche geng."

Ech hun missen de Kapp röselen iwert esou e Paréieren. Iwer dem Hémfueren hun ech mer d'Sâch iwerluegt, ech probéieren och bei mengem Bärbel. Hölleft et, ass et gudd, hölleft et nöt, hun ech e gudde Späss gehât. Ze schwätzen brauch ech jo nöt bei der Kur, an dât ass d'Hâptsch.- Ech huelen menger Äler hir Holzköscht hei hin, an da kann et lassgoen.- (brengt eng Köscht) Mechel, ech wönschen dir Gleck! Mé, woufir soll ech dât nöt können? wât d'M.P. an der Städt dohannen kann.- Meng Moulen brauch ech och nach (En déd wéiss Hänschen un, stellt sech op d'Köscht a mecht Bewgungen.)

Bärbel: (hanner der Bühn) Ech mengen ech héieren mein Älen! Mechel, barde do?- Kanns de keng Äntwert gin, Dabo ?

II. Optrött

Bärbel a Mechel

Bärbel: (könnnt eran a schwetzt fir sech) Jo, wât huet en nömmen? Jo, Mechel, du Efalt, du Kâbeskapp, wât hues de dann? Donnerwieder namôl! Wât hues de dann du Hannswurscht? Ja, wât huet en nömmen?
- Bass de besoff?- Elo könnnt esou en Mânsmönsch, esou en Ekel hém an huet eng am Batz! - E soll mer nömmen nöt ufänken ze saufen!
Ech sin scho geschlöe genuch, well e fömmt ewéi e Schâchteg.
-3o Frang,- Hât ech em matgin, elo muss ech gleich ausrechnen, wéivill en verschluppt huet. (Sicht dem Mechel d'Täschen aus, fönnt och eng Schnaufbechs) Wât, schnaufs du och nach, du Lomp?
- Dât Nuesschnappech kanns du der selwer wäschen, ech wäschen der et nöt oder du stechs et emol fir d'éischt 3 Wochen an den Lysol (zielt d'Geld) 2,5,8,12, nun, en huet awer nöt alles versoff.
Mechel,- Hallefgebäckenen- Wât ass lass mat dir?- Wârt elo, ech kréien dech schon eröm an d'Gleis! (ðf)

III. Optrött

Mechel eleng

Mechel: Elo könnnt dé kriteschen Moment, Mechel, bleiw dâper bis un d'Enn!
All gudd Géschter stitt mer nömmen bei! (d'Bärbel könnnt mat en-gem Biesem)

IV Optrött

Mechel a Bärbel

Bärbel: Géss de elo guttwölleg erof oder nöt? Ech froen dech! Jo, wât ass dann nömmen an dén Mânskärel gefuer? Wéi huet hien sass mein Biesem gefârt! Mechel, wât ass der dann passéieret? E schwätzst nöt, e weist nömmen, bâl heihin, bâl dohin. Mechel, schwätz dach nömmen én Wuert! Nén, esou en Ongleck, ech mengen en huet den Verstand verluer. Mechel, sô dach nömmen én énzegt Wierdchen zu denger Frâ, nén, esou en Ongleck, wât fänken ech dach nömmen un? Elo mâchen ech em en Essegömschlâg op d'Stîer, vleicht hölleft dât. (ðf)

V. Optrött

Mechel eleng

Mechel: Et hölleft schon dât Möttel. Elo dierft ech scho schwätzen, a fréier hun ech nie dierfen e Wuert, e Wiertchen ze sôen.- Awer meng Ärm di mer schon esou wéi, vun dém Hin- an Hierweisen.

Ech menge grâd sie wären beim Iellebou erausgekrämpft. Wât et dach gescheit Leit an der Städt gött. Dât hätt ech nöt gegléwt, dass ech mat dém Weisen esou vill ausrichte könnt.

Vl. Oprött

Mechel a Bärbel

(Bärbel könnt eran mat enger Schossel an engem Duch- Mechel weist eröm)

Bärbel: Esou en Ongleck huet missen iwer mech kommen. Wann dât elo esou bleiwt!- et könnt én dach esou glecklech zesummen sin. Et ass soss kén oniewene Mann, de Mechel! .(mecht den Ömschlâg) Oder wât wölls de, Mechel? Wells de deng Peif rauchen?- Ech bâken der haut Pângesch déns du esou gären hues.- Et ass neischt ze mächchen, en hällt net op mat Weisen- O mei, wann dât esou bleiwt!- Wât sin ech eng geschlöe Frâ!- Mechel!- Mechel!- Du kanns dach net esou bleiwen. Alles mächchen ech dir, wanns de nömmen eröm gudd göss. Kén oniewend Wuert solls de méi héieren vun mir; den Hausschlössel gin ech dir; all Sôndes dierfs de an d'Wîrtschaft goen!- 't dengt neischt, mei Gott wann en esou bleiwt!- Zu Fouss op Iechternach gin ech an lössen lo Kerze brennen, wann en eröm an d'Reih könnt.- Mechel, du brauchs och keng Kniedelen méi z'iessen,- ech follegen der och, Mechel, an d'Geld spären ech och nit méi an. Elo gesin ech 'réischt, wéi schéi mer mat enâner liewe könnten.- Mechel, Mechel, alles mân ech eröm gudd, wanns du nömmen eröm richteg göss!- Mechel, schwätz dach nömmen én énzegt Wuert! Kuck mech un an mengem Misère!

(kreischt, Mechel hällt op mat Weisen)

Mechel: Bärbel, ass et wouer, wât's de elo gesôt hues?

Bärbel: Jo, Mechel, alles ass wouer, ech schwieren der et

Mechel: Sou, Sou, ech hu gemengt ech geng drémen.

Bärbel: Nén, Mechel, esou soll et gin, wéi ech gesôt hun, wanns de nömmen eröm an d'Fassong kéimst. Gelt, 'lo ass se erlânscht, déi Kris? Midd bass de awer nach. A wéi schwetzt de nach? A wéi d'Härz dir hummert! Setz dech Mechel, komm!- So, wéi ass dât nömmen un dech komm?

Mechel: Bärbel, dât kann ech der nöt soen.

Bärbel: Edh gléwen dir et gären, Mechel. Ech gléwen dir elo alles. Ech passen elo gudd op dech op. Ech wöll dech nöt méi iergeren an oprégen, dât könnt dir schueden. Et könnt émôl sin, dass dât Den- gen erömkéim.

Natîrlech könnnt déi Krise erömkommen. Abé, mir müssen ganz viersich-teg sin. An elo op dé Schreck huelen ech gleich eng Fläsch Béier. U mei, wât ech elo ausgestânen hun. D'Knéien zidderen mir nach vun lauter Angscht. (fir sech) Mat dém Mann muss ech elo ânescht fueren, well d'Leit, bei dénen et hei fêhlt, (weist d'Stîr) déi muss én nömmen gudd behandelen. (ôf.)

Vll. Optrott

Mechel eleng.

Mechel: Sou, dât Möttel huet gewierkt. A mengem Koseng, dem Hâri, wèrd ech et och urôden, als ausprobéiert Hausmöttel, well dén huet dohém och eng richteg Zâng. A sollt meng Al röm reckfälleg gin, dann klammen ech eröm op meng Köscht a spille "Schuppo" (Klömmt eröm op d'Köscht a mecht wéi virdrun; d'Bärbel könnnt mat der Fläsch Béier eran)

Vlll. Optrott

Mechel a Bärbel

Bärbel: Mechel, öm Gottes Wollen, bleiw heiönnen! Dong mer dât nömmen net méi un, ech bieden dech op den Knéien!

Mechel: Gieren, Bärbel, gieren, âwer déi Krise hât dach eng gudd Wirkong!

Bärbel: Jo,jo, du hues et verstânen, dei Bärbel ze bekéieren, an du bass dach mei gudde Mechelchen!

